piraten.lu

N°4369
Entrée le 01.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence :
0 2 JUIL. 2026
A traiter par
Copie à

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

D'Fleegestatioun fir Wëlldéieren zu Diddeleng huet matgedeelt, dass se aktuell temporär aus Plazmangel keng nei Déiere méi ophuele kann. D'Leit goufen opgefuerdert, temporär keng Déiere méi ofzeginn. An engem Wort-Artikel vun haut goufe verschidden Erklärungen zu der Schléissung matgedeelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat sinn d'maximal Kapassitéiten, déi d'Wëlldéierestatioun ka geréieren?
2. Wéi vill Déieren goufen insgesamt, opgelëscht pro Mount, an der Wëlldéierestatioun opgeholl a gefleegt?
3. Wat geschitt mat de verletzten Déieren, déi net kënnen opgeholl ginn?
4. Wat ass geplangt, fir d'Kapassitéite fir d'Fleeg vu Wëlldéieren hei am Land z'erhéijen, fir dass et net méi zu esou Enkpäss kënnt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4369 vum 1. Juli 2026 vum éierewäerten Deputéierten Marc Goergen**

**1. Wat sinn d'maximal Kapassitéiten, déi d'Wëlldéierestatioun ka geréieren?**

D'Kapazitéit vun der Wëlldéierestatioun kann net duerch eng fest Zuel vun Déieren definéiert ginn. Si hänkt wesentlech vun den Aarten of, déi betreit ginn, vum Alter vun den Déieren, hirem Gesondheetszoustand an dem domat verbonnenen Opwand.

Besonnesch wärend der Brutt- a Jongdéierensaison kënnen eenzel Aarten, wéi zum Beispill de Leeëndecker, e ganz héije personellen an zäitleche Betreiungsopwand erfuerderen.

**2. Wéi vill Déieren goufen insgesamt, opgelëscht pro Mount, an der Wëlldéierestatioun opgeholl a gefleegt?**

2026 (Stand 03.07.2026):

| Mount | Unzuel |
|---|---|
| 2026-01 | 57 |
| 2026-02 | 59 |
| 2026-03 | 96 |
| 2026-04 | 254 |
| 2026-05 | 608 |
| 2026-06 | 898 |

2025:

| Mount | Unzuel |
|---|---|
| 2025-01 | 99 |
| 2025-02 | 95 |
| 2025-03 | 161 |
| 2025-04 | 266 |

| | |
|---|---|
| 2025-05 | 689 |
| 2025-06 | 666 |
| 2025-07 | 704 |
| 2025-08 | 321 |
| 2025-09 | 265 |
| 2025-10 | 177 |
| 2025-11 | 82 |
| 2025-12 | 188 |

**3. Wat geschitt mat de verletzten Déieren, déi net kënnen opgeholl ginn?**

D'Wëlldéierestatioun ass och wärend der Fermeture telefonesch erreechbar bliwwen, fir Persounen, déi Déiere fonnt hunn, ze beroden an d'Situatioun anzeschätzen.

Ausserdem däerf all Veterinär Wëlldéiere medezinesch versuergen, souwäit hien dat wëll a kann.

**4. Wat ass geplangt, fir d'Kapassitéite fir d'Fleeg vu Wëlldéieren hei am Land z'erhéijen, fir dass et net méi zu esou Enkpäss kënnt?**

Den aktuellen Enkpass ass duerch d'Zesummespill vu verschiddene Facteuren entstanen. Déi laang unhalend Hëtztwell ass mat der Brutt- a Jongdéieresaison vun de Leeëndecker zesummegefall, wat och zu Enkpäss an temporäre Fermeturë vun anere Fleegestatiounen an der Groussregioun gefouert huet. Dëst huet den Zoulaf zu Diddeleng weider erhéicht woumat et och do zu engem Opname Stopp huet misse komme fir d'Qualitéit vun der Betreiung garantéieren ze kënnen.

Wat d'Infrastruktur ugeet, wäert de Centre de soins pour la faune sauvage (CDS) no der geplangter Extensioun gutt opgestallt sinn. Méi usprochsvoll ass et awer, genuch Fleegepersonal a Fräiwëlleger ze fannen, besonnesch wärend esou aussergewéinleche Spëtzebelaaschtungen.

Fir den Impakt vun zukünftegen Hëtztwellen op de lafende Betrib vun der Wëlldéierestatioun ze reduzéieren, muss op verschiddenen Niveauen gehandelt ginn.

Sou gëtt e.a. lafend gekuckt, d'Kapazitéiten net onnéideg duerch Déieren ze belaaschten déi net zu de Wëlldéieren gehéieren oder déi net méi kënnen an hir natierlech Ëmwelt entlooss ginn. D'Haaptmissioun vun enger Fleegestatioun fir Wëlldéieren bleift et, Wëlldéieren no hirer Rehabilitatioun erëm an d'Natur zeréckzeféieren.

Weiderhi gëtt d'Gesellschaft sensibiliséiert fir ze vermeiden, datt Déieren ageliwwert ginn, déi net wierklech an Nout sinn an eigentlech keng mënschlech Hëllef brauchen.

Fir d'Wëlldéieren ze ënnerstëtzen ass et generell wichteg hir Liewensraim ze erhalen. Fir datt d'Déieren och wärend längeren Hëtztperioden iwwerliewe kënnen, hëlleft et genuch kill Beräicher a Waasserquellen ze conservéieren an zur Verfügung ze stellen.

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau